Statuten 01.01.2010

Artikel 1

De Veräin heescht " Schanzer Fëscherfrënn ", seng Dauer ass onbegrenzt.

Artikel 2

De Sëtz ass: Veräinsbau op der Schanz - 7, Heeschbregerwee L-6225 Op der Schanz / Tel.: 621 263 021

Artikel 3

Den Zweck vun dësem Club ass: Fräizäitfëschen an alle Formen (sou wäit wéi déi saarlännesch Fëschereigesetzgebung et zouléisst), a gesellegt a komerodschaftlecht Zesummesinn.

Artikel 4

De Joresbäitrag ass spéitstens all 1. Abrëll ze bezuelen. Et muss ëmmer minimum 1 ganzt Joer am Viraus bezuelt sinn. Hëlleft een net op d'mannst eng Kéier am lafenden Joer bei enger vun eisen Botzaktiounen oder Fester, gëtt mam Permis een zousätzleche Betrag verrechent. Bei neien Memberen gëtt en zousätzlechen eemolegen Beitrag beim Antrëtt verrechent. Dës Beträg sinn am clubinterne Reglement festgehalen, a kënnen vum Kommitee vun den Schanzer Fëscherfrënn mat Awëllegung vum Virstand vum ASV Nennig geännert ginn.

Artikel 5

Zuel vun de Memberen gëtt vun béiden Kommiteeen, SFF an ASV festgeluecht an ass no uewen limitéiert. Keen däerf seng festgeluechten Memberszuel iwwerschreiden. Déi 4 op Liefzäiten gewielten Komiteesmember bezuelen hir Cotisatioun wéi all déi aner Memberen, zielen awer net an der Lëscht vun den limitéierten Memberen.

Artikel 6

De Kommitee besteet aus maximum 12 Memberen an gëtt fir eng Dauer vun 4 Joer gewielt. Déi 4 Member déi am längsten derbäi sinn, sinn op Liefzäiten gewielt. D'Hallschent vun deenen aner Memberen sinn, wann se hir Kandidatur stellen, no zwee Joer nees wielbar fir eng Dauer vun 4 Joer. Déi aner Memberen sinn, wann se hir Kandidatur stellen, no 4 Joer nees wielbar fir eng Dauer vun 4 Joer. Esou entsteet e Roulement wou all zwee Joer d'Halschecht vun deene wielbare Member fir 4 Joer rëm-oder neigewielt ginn. D'Walen ginn an der Generalversammlung ofgehalen. De President, Sekretär an Caissier ginn an der éischter Komiteessëtzung no der Generalversammlung vum Kommitee gewielt.

Artikel 7

Trëtt e Member aus, esou huet een aus der Famill (1.Grad) d'Recht fir d'Plaz anzehuelen, ass awer keen Interessen do, gëtt vum Kommitee ofgestëmmt op een neien Member ugeholl gëtt.

Artikel 8

Ännerungen vun de Statuten kënnen nëmmen duerch eng Majoritéit vun eise Member virgeholl ginn. (Eng Stëmm méi ewéi d'Hallschent)

Artikel 9

De Veräin ass a bleift neutral an trëtt kengem Verband bäi.

Artikel 10

Den Asaz vun de Fësch gëtt all Joer vum Kommitee vun de Schanzer Fëscherfrënn zesummen mam Virstand vum ASV. festgeluecht.

Artikel 11

Fir e gutt Fonctionnement ze garantéieren, gëtt vum Kommitee e clubinternt Reglement opgestallt.

Artikel 12

Verstéisst e Member géint d'Statuten oder d'clubinternt Reglement, kann de Kommitee den Austrëtt beschléissen.

Artikel 13

Gëtt de Veräin opgeléist, verfält d'Kees un d'Gemeng wou dës Statuten leien.

Dës ëmgeännert Statuten trieden den 01.01,2010 a Kraaft an annuléieren an ersetzen déi bis zu dësem Datum gëlteg Statuten.

Op der Schanz, den 01,01,2010

President
Weyland Néckel